Abrëll 14, 2023

PRESSEKONFERENZ - WAASSERTAXE

**Eng gestaffelt an differenzéiert Waassertaxe no sozialen an ökologesche Kriterien ass méiglech wann de politesche Wellen do ass !**

Un de Gemengen ass et derfir ze suergen, dass et hiere Leit gutt geet, am Sënn vun Liewensqualitéit an als Garant fir essentiell Besoins an Salubritéit.

Um Beispill vun der Waassertaxe wëlle mir als déi Lénk nach emol illustréieren, wéi een esouwuel sozial, wéi ökologesch an ekonomesch Kriterien ka mat an de Kalkül huelen, an wéi et trotzdeem um Enn finanziell opgeet esouwuel fir d'Gemengen wéi fir d'Leit.

De Käschtendeckungsprinzip gëtt ëmmer nees an d'Fenster gestallt wann an de Gemengen iwwert verschidden Taxen rieds geet. Et gëtt sech dann mat Virléift op d'EU-Kaderdirective Nr. 2000/60/CE beruff, déi effektiv e puer Saachen recommandéiert: de Käschtendekungsprinzip an d'Owälzen vun den Onkäschten op den Ennverbraucher, an de pollueur-payeur. Dat sinn d'Zieler déi un d'Memberstaaten weider gi sinn. Un hinnen sech ze organiséieren.

D'Instrumenter fir déi Onkäschten ze géreieren ginn och gläich matgeliwwert, ma deen Aspekt gëtt oft ausgeklamert.

Direktiv gesäit ausdrécklech vir dass d'Mitglidsstaaten bei der Käschterecupératioun sozial, ëmwetlpolitesch an ekonomesch Aspekter berücksichtege kënnen.

La Commission souligne dans une communication relative à la directive 2000/60 que ***« (p)our certains secteurs ou usages, on peut proposer des régimes de tarification spécifiques, tels une tarification par paliers progressifs (« rising block »),*** *qui combine des objectifs en matière de prix abordables et d'efficacité économique, par exemple la combinaison d'un volume d'eau de base forfaitaire gratuit et de prix unitaires élevés pour les utilisations d'eau supérieures à ce volume de base ou à des fins non essentielles, tout en maintenant les recettes à un niveau permettant de financer les services dans le domaine de l'eau. Il faut cependant une évaluation ex ante et ex post claire des effets sociaux et des effets sur la demande en eau des ménages de politiques de tarification de ce type, pour s'assurer de la réalisation potentielle/effective des objectifs sociaux et des objectifs environnementaux annoncés. »*[1]

Och d'europäesch Cour de Justice huet an engem Prinzipienurteel vum 07.11.2019 festgehalen, dass d'Membersstaaten mussen mat hirer Tarifpolitik fir eng wierksam Benotzung vun de Ressourcen suergen, och ökologesch, ouni dass all Taxebestanddeel duerfir muss käschtendeckend sinn. Jo, et missten esouguer net all Käschten beim Opfänken,

[1] Commission européenne, *« Tarification et gestion durable des ressources en eau »*, COM(2000) 477 final, du 26 juillet 2000, page 19.

Stockéiren, Traitéiren oder Verdeelen vum Waasser weider facturéiert ginn. **Et wir net isoléiert wou de Prinzip vun der Käschtendeckung misst betruecht ginn, mee global**. Wat iwwregens verschidde Gemengen esou maachen. Wat dann och ënnert aanerem erklärt fiwat d'Waassertaxen an de Gemengen verschidde sinn.

Och dat lëtzebuerger Gesetz verbitt net differenzéiert Waasserpräisser, soss wiere jo déi bestehend Modeller wéi dee vu Monnerech illegal. 2014 huet den Ëmweltminister nach op eng parlamentaresch Fro geäntwert dass d'Gemengen de Choix hätten eng progressiv Tarifikatioun anzeféieren, ouni awer an enger Circulaire d'Berechnungsregelen dovun festzeleeën. Och an engem Avis vum Observatoire de la Compétitivité vum Wirtschaftsministère „*La formation du prix de l'eau potable*" get gesot, dass **eng progressiv Tarifikatioun méi wierksam wier fir de Waasserkonsum anzeschränken,** also als eng ëmweltpolitesch Moossnam kann ugesi ginn.

Den absolute Refus vun der Innenminstesch an der Ëmweltministesch differenzéiert a gestaffelt Waassertaxen anzeféieren ass bedenklech (Äntwert op eng parlamenteresch Fro vum Marc Spautz den 23.12.2021). Et sech gëtt hei op „negativen Avis" vun der AGE, dem Waasserwirtschaftsamt bezunn, deen d'Kaderdirektiv willkürlech interpretéiert an monéiert, dass d'Ëmsetzen vun enger gestaffelter oder progressiver Waasserpräisgestaltung mat engem immensen administratiwen Opwand verbonne wier. Mir hunn et hei mat enger Regierung ze dinn déi eng neoliberal Approche huet. Et ass de politeschen Wëllen vun dëser Regierung fir op en anere Wee ze goen, nämlech deen vun der integraler Afwälzung vun alle Käschten op all d'Endverbraucher.

Am EU-Memberland Irland ginn och nach haut a verschidden Gemengen keng Waasertaxe erhuewen – et handelt sech ëm e puer Landgemengen. Ma déi irländesch Kanner hunn e Recht op 21m$^3$ Waasser gratis. Et gëtt also Weeër a Méiglechkeeten! De Wëlle muss just do sinn.

D'Waasser ass fir déi Lénk e Menschrecht – an dat muss garantéiert sinn. Am Nopeschland Frankräich zum Beispill ginn d'Beméiungen, d'Waasser ze privatiséieren scho ganz wäit – Lyonaise des eaux… an d'Beispill weltwäit vun engem Multikonzern wéi Nestlé, déi Quellen an Afrika opkafen, engem Land wou d'Waasserfro all Dag zur Iwwerliewensfro gëtt, weisen wéi skrupellos Kapital aus liewenswichtegen Produit, déi d'Natur eis liwwert an déi der ganzer Menschheet gehéiert, geschloe gëtt.

Säit Joeren fuerdere mir als déi Lénk dass dat Mënscherecht och soll kenne wouergeholl ginn, an dofir wollte mir dat Recht och an d'Verfassung schreiwen.

Wat schloe mir konkret vir?

- Mir schloen fir déi éischt 50 l Waasser gratis zur Verfügung ze stellen, wëll dat ongeféier déi Quantitéit Waasser ass, déi e Mënsch fir ze liewen brauch. (laut WHO)
- Da kéim de nächste Palier Waasser vun 50 respektiv 100 l deen dann esou tariféiert ging ginn, dass de gréissten Deel vun den Onkäschte kéint bestridde ginn, wou awer schon en nohaltegen Ëmgang mat der Ressource Waasser als Encouragement gellt – wee manner verbraucht, spuert Waasser a Geld.

- Alles wat iwwert dem Gesamtpalier vun 150 l Waasserverbrauch läit ging dann ganz staark tariféiert ginn, wëll dat net noutwendeg ass an als „Komfort“ oder esouguer als „Verschwendung“ vun der Ressource Waasser kéint ugesi ginn.

Mat deem System gingen d´ Onkäschten och gedeckt ginn, a Conformitéit mat der europäischer Direktiv.

Dëse Rechemodell ging och keen enormen administrativen Opwand erfuederen, sou wéi oft argumentéiert gëtt, esoubal vun gestaffelte Präiser oder Taxen rieds geet.

**Zur Finanzéierungsfro vun de Gemengebudgets**

Eiser Meenung no sollten sech d’Gemengbudget doriwwer eraus awer virun allem weiderhin aus der progressiver Akkomesstéier (wat d’Akkommes méi héich, wat och d’Steier méi héich) an aus enger ugepasster Gewerbestéier (wat de Benefice méi héich wat d’Stéier méi héich) zesummesëtzen a finanzéiert ginn. D’Gemengentaxen sinn wéi TVA-Sätz eng indirekt Steier, déi ëmgekéiert d’Leit ongerecht trefft (wat den Akkommes méi nidreg ass wat de finanziellen Impakt, oder Belaschtung méi staark ass).

Virun 20 Joer hu mir als déi Lénk gefuerdert, den Ëffentlechen Transport sollt gratis ginn. Och dat deemols aus sozialen en ökologeschen Iwwerleeungen. Haut ass dat Realitéit! Mir wuaren also eiser Zäit viraus! Dat Beispill weist, dass Käschtenfreiheet zur Demokratiséierung féiert an esouwuel déi sozial wéi ökologesch Zieler ereescht kënne ginn. Virausgesat, d’Suen ginn do geholl wou se sinn. Et ass also d‘Fro vun der Ëmverdeelung déi sech och hei nees stellt.

Mir sinn an enger ökologescher an economescher Kris – an déi Krise sinn och net in absehbarer Zäit erriwer. Mir mussen eis also dorobber astellen an d’Suen do siche goen wou se sinn – leider ass déi grouss Steierreform net komm, déi ass awer iwwerfälleg.

Eis Regierung an eis Gemengen ginn léiwer hin, an belaaschten hier Bierger a Biergerinnen, an huelen a Kaaf, mat den Taxenerhéijungen finanziell vulnerabel Leit an eng Prekaritéit ze stierzen, déi se dann, zum Deel awer nëmmen, güteg nees opfänken an duerch den Office Social mat enger „Allocation à la vie chère“ beglécken. Si stellen de Leit e Fouss, a wann se driwwer faalen, da fänken se se op! Mir mengen, dass e vermeide muss Menschen an esou eng Situatioun vu Prékariéit ze bréngen.

Et gëtt Weeër a Mëttelen eis Gesellschaft aanescht ze gestalten a fir dass et de Leit besser. Fir déi Lénk ass dat den Optrag als politesch Partei an als politesch Bewegung! An dofir sëtzen eis Léit an de Gemengen an an der Chamber sech och an!

Patrizia Arendt, Gemengeréitin vun déi Lénk zu Suessem